

Här Fernand Etgen President vun der Deputéiertechamber 19, um Krautmaart L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17. Mee 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, des parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 3878 schreift d'Madamm Ëmweltminister vun enger theoretescher Méiglechkeet, direkt deelweis eng Approbatioun partielle fir e PAG ze ginn, mee datt si awer weiderhin d'Praxis vum zousätzleche Vote privilegéiert.

Duerfir géif ech der Madamm Ëmweltminister nach gär des Nofroe stellen:

- 1) Firwat ass dat just eng theoretesch Méiglechkeet obwuel d'Cour Administrative dës Praxis approuvéiert an begréisst huet? Et gëtt eises Wëssen no d'Praxis vun der Approbatioun partielle schonns op mannst zenter dem August 2019 (PAG vun der Gemeng Beefort). An deem vun der Madamm Minister zitéierten Urteel 44684C steet iwwregens, datt d'Praxis vun der Approbatioun partielle an der Zweschenzait d'Reegel gouf an och vun der Juridiction Administrative begreisst gouf: "Les parties publiques n'ont pas livré de manière directe les raisons profondes pour lesquelles les autorités communales n'ont plus retenu en 2017, contrairement à 2011, le terrain querellé à l'intérieur du périmètre d'agglomération, si ce n'est celle que la commune semble avancer que la peur devant un refus d'approbation global de la part du ministre de l'Environnement aurait guidé à l'époque, en 2017, sa conception de l'envergure du périmètre d'agglomération, notamment au niveau du chef-lieu de la commune. Si cet argument devait avoir sous-tendu l'optique communale et quelle qu'en soit par ailleurs la valeur urbanistique, les parties s'accordent aujourd'hui à reconnaître que le ministre a changé de vision et qu'en cours de procédure d'adoption et d'approbation du PAG, la donne a changé de ce point de vue-là en ce que dorénavant les refus d`approbations partiels de la part du ministre en question sont devenus la règle."
- 2) Firwat gouf 6 Méint duerno beim PAG vun enger Gemeng (Schieren) dem Gemengerot am Februar 2020 vun der Ministesch geschriwwen si kéint keng Approbatioun partielle ginn? Ech zitéieren: "Le maintien de la modification projetée du PAG soumis pour approbation aurait comme conséquence un refus de toutes les modifications de la délimitation de la zone verte envisagées par le PAG alors que mes compétences en la matière se limitent à une approbation pure et simple du projet de PAG soumis au vote du conseil communal."
- 3) Gesäit d'Madamm Minister hei net ee Widdersproch tëscht hirem Bréif ënner Punkt 2 an der Decisioun ënner Punkt 1?

Tel.: (+ 352) 463742

4) Wär et nët fir all Parteien (MECDD, Intérieur, Gemeng an Bierger) méi einfach ee Refus partiel ze maachen, wou déi betraffe Gemeng, wann se dat well, virun der Cour Administrative dann ee Recours en Annulatioun këint maachen? D'Beispill vun der Gemeng Beefort beweist, datt déi ganz Recours-Prozedur nëmme 6 Méint gebraucht huet, an datt d'Cour Administrative no enger Visite op der Plaz der Gemeng deelweis recht ginn huet.

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup Deputéierten

Tel.: (+ 352) 463742